

Se sont abstenus: MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss (par Mme Vivianne Loschetter), Henri Kox et Mme Viviane Loschetter.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Motion 1

Mir sinn och konfrontéiert mat enger Motioun, déi den honorabelen Här Thiel déposéiert huet. Den Här Minister Biltgen huet deklaréiert, dass d'Regierung dës Motioun unhëlt. Kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien d'accord ass, ass gebieden d'Hand an d'Luucht ze hiewen.

Voilà! Ech gesinn, dass dat eng ganz grouss Majoritéit ass. Domat ass déi Motioun ugehall.

6. Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur l'arrêt rendu par la Cour de Justice des Communautés européennes dans l'affaire 319-06 concernant la transposition de la directive détachement des travailleurs (suite)

Résolution 1

Mir kommen dann zum Vote iwwert d'Resolutioun, déi vun der ADR déposéiert gi war an der Debatt virdrun. Ass de Vote électro-nique verlaangt?

Här Jaerling? Mir hu keng Motioun méi. Eng Resolutioun. Här Jaerling, wann ech gelift.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Här President, wann elo schonn de Minister e Blâme soll ausgesprach kréien, wann hien alles richtig gemaach huet, wat maache mer dann erëischt, wann hien eng Kéier eppes falsch gemaach huet?

(Hilarité)

» M. le Président.- Dir Dammen an Dir Hären, kënne mer par main levée ofstëmmen?

(Assentiment)

Vote

Wien ass d'accord mat där Resolutioun vun der ADR?

(Interruption et hilarité)

Dräi.

Wien ass dergéint?

Voilà! D'Resolutioun ass mat enger ganz grousser Majoritéit ofgelehnt.

7. Ordre du jour (suite)

Ech wollt der Chamber soen, dass opgrond vun der Modifikatioun, déi den honorabelen Här Gira haut de Mëtteg gefrot huet, den Här Innenminister Halsdorf sech bereet erkläert huet, fir en Donneschdeg de Mëtteg um hallwer dräi Stellung ze huelen zur Problematik, déi den Här Gira opgeworf huet. Ass d'Chamber domadder d'accord?

(Assentiment)

Dann ass et esou décidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum zweetleschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass de Projet de loi relatif à la liaison Micheville. D'Wuert huet elo d'Rapportrice vum Projet de loi, déi honorabel Madame Sylvie Andrich-Duval.

8. 5845 - Projet de loi relatif à la construction de la liaison Micheville entre la route N 31 et le projet routier afférent sur territoire français

Rapport de la Commission des Travaux publics

» Mme Sylvie Andrich-Duval (CSV), rapportrice.- Här President, Dir Dammen an Dir Hären, beim virleiende Gesetzesprojet handelt et sech ëm déi zweet Phas vun der sougenannter Liaison Micheville. Erlaabt mer duerfir e kuerze Rappel vun der Geschicht vun deene grouss Bauaarbechten op dem Site Belval.

Dës Aarbechte gi respektiv sinn op den Intanzewee gaangen als e legislative Pak, deen aus dräi Gesetzestexter besteet. Et geet drëms, eng Verbindungsstrooss um Site Belval hierzustellen, tëscht der Escher Autobunn a Frankräich, déi dann op franséischer Säit soll an de Contournement vun Däitsch-Oth eraféieren. Fir d'Aarbechten op der franséischer Säit ass de Conseil général de la Moselle zoustänneg. An hei ka sécherlech den Här Minister eis nach iwwert de leschte Stand op franséischer Säit Opschloss ginn.

Et ass ervirzesträichen, dass déi lëtzebuergesch Regierung an déi franséisch Autoritéite Konventiounen ënnerschriwwen hunn, fir d'Modalitéite vun hirer Zesummenaarbecht ze regelen. Ënner anerem wëll ech drun erënneren, dass eng Ännerung vun der Grenz tëscht deenen zwee Länner virgeholl ginn ass, fir et ze erméiglechen, all Flächen, déi vu Lëtzebuurger Säit solle bebaut ginn, op lëtzebuergeschen Territoire eriwwezechuelen.

Et ass also en eminent wichtige Stroossebauprojet, deen et erlaabt, de Site Belval mat all sengen neie Projeten - dat si souwuel staatlech a kommunal Projete wéi och privater - viabel ze maachen. Ëmmer méi Gebaier schéissen hei aus dem Buedem, vun der Dexia BIL iwwert de Lycée Esch/Belval bis zur Uni Lëtzebuerg an der Plaza.

D'Entwécklung vun engem groussen Deel vun der Region Süden ass mat deem Projet verbonnen. Zousätzlech huet en eng Dimensioun Groussregioun an dréit zu enger Entlaaschtung vun deem dichte Grenzverkéier bái, gradesou wéi zur Entwécklung vun dem ugrenzende Raum op franséischer Säit. Dat erkläert och d'Drénglechkeet vun deem virleiende Gesetzesprojet, dee gréng Luucht soll gi fir d'Stroossebauaarbechte virunzeféieren.

Am éischte Gesetz vum 3. August 2005 ass d'Regierung autoriséiert, fir all Virbereedungsaarbechte vun der Liaison Micheville virzehuelen, dat heescht en Tunnel vu 432 Meter, deen Zougank op de Square Mile gëtt, an dobäi nach verschidden ënnerierdesch a baussescht Infrastruktuur-arbechten.

An deem virleiende Gesetzesprojet, deen zweeten also, geet et drëms, déi schonn ugefaange Stroossenachs ze verlängeren, déi vum Rond-point am Süde vun den Eisebunnsgleiser bis d'Route nationale 31 soll goen.

En drëtte Gesetzesprojet soll den Ofschloss vun den Aarbechten duerstellen, déi eng Verbindung sollen hierstellen tëscht der Route nationale 31 bis den Échangeur vu Lankels duerch de Bau vum Nordcontournement vun der Cité Raemerech.

Wat deen historeschen Deel ugeet, verweisen ech fir weider Detailer op mäi schrëftleche Rapport, an deem nach eng Kéier de ganze Werdegang vun dem Stroossebauprojet duergestallt gëtt an deen et erlaabt, en Iwwerbléck iwwert de gesamte Package vun den Aarbechten ze behalen.

De Projet de loi 5845 gouf de 27. Februar 2008 vum Bauteminister Claude Wiseler hei an der Chamber déposéiert. De Projet war motivéiert, war graphesch duergestallt an et louchen zwou Finanzfichë bái.

De Statsrot huet säin Avis den 20. Mee 2008 ofginn an et koom nach en zousätzlechen Avis den 1. Juli. An der Bautekommissioun vum 9. Juni 2008 ass de Projet de Membere virgestallt ginn an den éischten Avis vum Statsrot gouf analyséiert. An därselwechter Sitzung sinn ech als Rapportrice vum Gesetzesprojet bestëmmt ginn.

D'Membere vun der Bautekommissioun hunn des Weideren do décidéiert, fir den éischten Artikel vum Gesetzesprojet ze amendéieren. Den Amendement besteet doran, d'Enn vum Saz ewechzeloossen, dat heescht déi explizit Referenz op de Crassier vun Éilereng fir ausgebagert Material ofze-

lageren, dat fir d'éischt entgëft géif ginn. Ech wäert nach spéider a mengen Ausféierungen heirop zrëckkommen.

Nodeems de Statsrot säin Avis complé-mentaire ofginn hat, huet d'Bautekommissioun an hirer Sëtzung vum 3. Juli hir Analys dovun gemaach. De schrëftleche Rapport gouf dann och an der Sëtzung vum 3. Juli eestëmmeg ugehall.

Wéinst der héijer Technicitéit vum virleiende Projet probéieren ech, déi bautechnesch Aspekter ze résuméieren a verweisen op mäi schrëftleche Rapport an den Text vum Gesetzesprojet fir déi detailléiert Beschrei-vung vun de geplangtenen Aarbechten.

Déi Aarbechten, déi duerch de virleiende Gesetzesprojet sollen autoriséiert ginn, si folgend: Wéi scho gesot geet et drëms, déi ugefaange Stroossenachs ze verlängeren, déi vum Rond-point am Süde vun den Eisebunnsgleiser bis d'Route nationale 31 soll goen.

D'Stroosseféierung soll nördlech laanscht de Site Belval verlafen an déi Stroossen-aménagementter südlech vum scho ge-bautenen Tunnel gi fäerdeg gestallt. Dat heescht, dass ënnert de Gleiser vun der Zuchstreck Esch-Péiteng an de Gleiser-uschlëss erduerchgefuer gëtt, gradesou wéi ënnert der Achs vun der Strooss CR168.

An dësem Deel ass och e Rond-point mat engem ënnerierdesche Passage a Richtung vun dem franséische Stroossennetz, notam-ment bis de Contournement vun Däitsch-Oth virgesinn. Et gëtt jiddefalls gekuckt, dass den Eisebunnstrafic ka virulafe während den Aarbechten.

Weiderhin ass e Réckhaltebecke virgesi fir d'Reewaasser ze sammeln. De Rond-point wäert ausserdeem den Uschloss un e Park&Ride-Parking erméiglechen, deen no bei der franséischer Grenz gebaut gëtt, fir de Grenzgängerverkéier opzefänken, deen och direkt verbonne gëtt mat der neier Gare vum Site Belval.

Am Tunnel vu Micheville selwer sollen dann déi verschidde Stroosse fäerdeg gestallt ginn, gradesou wéi d'technesch Lokaler an déi technesch Equipementer fir de ganzen Tunnel.

Am Norde gëtt dann de Réibau vum Tunnel vu Micheville laanscht den Helleg-Geescht-Plateau mat sengem Zougankstriichter fäerdeg gestallt. D'Nationalstrooss 31 gëtt ausgebaut a fir Bussen zougängeg gemaach an et gëtt eng provisoresh Verbindung vum Tunnel bis zur Route na-tionale 31 duerch e provisoresh Rond-point hiergestallt. Den Zougank a Richtung Esch geschitt dann iwwert déi bestehend Strooss, déi laanscht d'Arcelors-Weieren nei aménagéiert gëtt fir un de Rond-point Raemerech unzebannen.

De Käschtepunkt vum Bauprojet ass op 115.500.000 Euro beim Bauindex 646,07 vum Abrëll 2007 chiffriert. An dësem Chiffer sinn och d'Sanéierungsonkäschte mat abegraff. Déi néideg Fonge sinn am Fonds des routes virgesinn. Wat En-tretienskäschte vun de Lokaler ubelaangt, esou fanne mer déi Renseignementer op där zweeter Fiche financière, an zwar sinn dat pro Joer ëm déi 2.600.000 Euro.

Et ass och nach wichteg, Dir Dammen an Dir Hären, bei dësem Projet e Wuert ze verléieren iwwert de speziellen Aspekt vun der Sanéierung vum Site. De Problem vun der Décontaminatioun vum Site sollt seng Léisung eigentlech op der Décharge vum Helleg-Geescht-Plateau um Site Belval fannen, wou all d'Offäll sollte gelagert ginn.

Dëse Konzept gouf vun der Ëmweltver-waltung zesumme mat dem Ëmweltservice vun Arcelor an der Agora ausgeschafft. Duerch verschidden Ursaache bedéngt, ass festgestallt ginn, dass dëst awer net méiglech wier. Dat sinn ënner anerem d'Ännerung vum Verlaf vun der Liaison Micheville, déi provisoresh Lokaliséierung vum Centre Gabriel Lippmann an déi méi grouss wéi geduechte Mass vu Material, déi ze stockéieren ass.

Dofir ass d'Alternativ vum Crassier vun Éilereng derbäikomm, wou eng Synergie sollt tëscht der Décontaminatioun vum Site Belval entstoan an der Erstellung vun enger nationaler Industriezon, duerch d'Hand vum Wirtschaftsminister. Den Ëmweltministère gouf vun Ufank u mat abezunn an huet säin Accord de principe dozou ginn.

Den explizite Renvoi op de Crassier vun Éilereng gouf awer duerch en Amendement aus dem Text erausgehall. Effektiv risquéieren dës Aarbechten a Verzuch ze kommen, well d'Fro vun der aktueller Aklasséierung vun deem Site net kloer ass, well de Klassement als eng „Zone d'études“ vum administrative Gericht annulléiert gouf. Et misst also eng Modifikatioun vum generelle Bebauungs-plang, dem PAG virgeholl ginn; wat ëmmer

mat gewëssenen Délaie verbonnen ass. Et kéint also bis 2010 daueren, bis alles duerch den Intanzewee gelaf wier.

Esou gëtt schlussendlech proposéiert, dass d'Testinstallatioun fir d'Behandlung vum Material op de Site Belval an de Perimeter vun ArcelorMittal sollt gesat ginn. Dat behandelt Material kéint dann deelweis als Ënnerbau vun de Stroosse vum Site benotzt ginn. Et kéint awer och fir eng Verdichtung vum Helleg-Geescht-Plateau benotzt ginn, esou wéi initial virgesinn.

Dann zum Avis vum Statsrot. A sengem éischten Avis vum 20. Mee 2008 huet de Statsrot säin Accord de principe zum virleiende Gesetzesprojet ginn. Bei den Diskussiounen vum Gesetzesprojet huet d'Bautekommissioun alle redaktionelle Remarquë vum Statsrot sengen zwee Avisë Rechnung gedroen, bis op déi vun der Ännerung vum Titel; doduerch wier nämlech d'Harmoniséierung vum Text par rapport zum éischte Gesetz vum Package a Fro gestallt ginn.

Déi héich Kierperschaft bedauert ins-gesamt, dass de Gesetzesprojet kee Wuert verléiert iwwert de Stand vun den Aar-bechte vum éischte Gesetz an ob déi finan-ziell Enveloppe agehale konnt ginn. Grad-esou vermësst se Informatiounen iwwert den Zäitplang an de Käschtepunkt vun der drëtter Phas vum Bauprojet a weider iwwert d'zäitlech Ofstëmme vun den Aarbechte vum öffentlechen Transport.

Dann hätt de Statsrot och nach gär gewosst, wat d'Plus-value wier vun den In-vestissementer am Kontext vum Mobilitéits-konzept a vum „modal split“. Esou hätt d'Rentabilitéit vun där héijer finanzieller Ausgab - déi kéint bis iwwer 300 Milliounen Euro leien, eleng wat d'Investissementer ubelaangt, ouni déi parallell Investissemen-ter an den öffentlechen Transport matze-zielen - besser kënnen ageschätzt ginn.

Den Här Bauteminister konnt jiddefalls een Deel vun de Suerge vum Statsrot ver-dreiwén, wéi e matgedeelt huet, dass déi éischt Phas vum Bauprojet déi finanziell Enveloppe sécherlech net géif sprenge, mä éischerter bei 60 Milliounen Euro géif leien, amplaz vun deene virgesinnene 76 Milliounen Euro.

Och den Tunnel ass esou wäit fäerdeg, an d'Soumissioun fir deen zweeten ënnerier-desche Passage ass um Punkt, fir lancéiert ze ginn. Och kéinten d'Aarbechte vun dem virleiende Gesetzesprojet uganks vum nächste Joer ufänken a bis 2011 daueren.

D'Opdeelung vum gesamte Projet an dräi Päck huet hei grad eng besser finanziell Planung erméiglecht, laut der Meenung vum Bauteminister. De Minister huet och dorop higewisen, dass d'Kontrollkom-missioun vun der Exécution budgétaire all sechs Méint iwwert de Stand vun den Infra-struktuur-arbechten informéiert gëtt.

Här President, Dir Dammen an Dir Hären, erlaabt mer nach zum Schluss e Merci ze soen, un éischerter Stell de Mataarbechter vum Greffe an aus der Fraktioun, mä och dem Här Bauteminister a senger Verwaltung fir déi konstruktiv Zesummenaarbecht.

Ech ginn och heimat den Accord vun der CSV-Fraktioun zum virleiende Projet. An lech Merci, Dir Dammen an Dir Hären, fir Är Opmierksamkeet.

» Plusieurs voix. - Très bien!

» M. le Président.- Merci, Madame Rapportrice. Den honorabelen Här Berger huet d'Wuert.

Discussion générale

» M. Eugène Berger (DP).- Merci, Här President. Léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech wëilt och der Rapportrice Merci soe fir hiren ausféierleche schrëftlechen a mënd-leche Bericht. Dat wäert mir et dann er-laben, fir e puer kleng Bemierkungen nach ze maachen an net méi en détail op de Projet anzegoen.

Dee Projet, dee mer haut de Mëtteg disku-téieren, ass eng weider wichteg Etapp am Hibleck op d'Entwécklung vun den Indus-triefriichen op Esch/Belval, well mat deem virleienden Text gëtt déi zweet an ofschléis-send Phas vun der Haaptverkéiersoder um Site vun Esch/Belval realiséiert an eist Auto-bunnnetz un dat franséisch ugebonnen.

Et ass also e Projet, deen eng regional Dimensioun huet, well et dorëms geet, fir d'Industriebroochen erëm ze revalori-séieren, mä doriwwer eraus huet en och eng national Envergure.

D'Diskussiounen iwwer eng Ubannung vum Lëtzebuurger Stroosserobéau, dat heescht vun der Escher Autobunn un de fran-séischen Autobunnréseau, ass am Prinzip keng nei Iddi. Et ass eng laang an eng

kontrovers Diskussioun doriwwer gefouert ginn, ob dat dann noutwendeg wier oder net. Virun dräi Joer huet awer du mat deem éischte Gesetz iwwert d'Liaison Micheville d'Chamber hei eng endgültég Décisioun an där Fro getraff.

Dat steet dann och ganz besonnesch a Relatioun mat der dynamescher Entwécklung, déi mer am Süde vun eisem Land kennen, mat de Friches industrielles, déi do dévèloppéiert ginn, mat zousätzlechen Aktivitéiten, déi dann och an déi ganz Regioun wäerte kommen, an déi jo och forcément, ob mer et wëllen oder net, méi Individual-verkéier wäerten unzéien.

Mir gi jo dovunner aus, dass an e puer Joer eng Kéier ronn 20.000 Leit op Esch/Belval wäerte schaffen a ronn 6.000 Leit do wäerte wunnen, besonnesch wann déi aner Friche ronderëm Éilereng och hei agebonne gëtt.

Also, bei aller Zoustëmmung, déi mat dësem Projet verbonnen ass, soll een awer och d'Infrastrukture fir den öffentlechen Transport op kee Fall vergiessen. Mir begrëissen duerfir ausdrécklech den héije Prozentsaz vu 40 zu 60% vum öffentlechen Transport par rapport zum Individual-verkéier, deem hei ugestriift gëtt. Mir hoffen, dass dëst Konzept och wierklech schnell an d'Realitéit kann ëmgesat ginn.

Ee Punkt, deem een an dësem Kontext erwähne muss, dat ass dee vun der Rectificatioun vum franséisch-lëtzebuergesche Grenzverlaf, fir de Projet iwwerhaapt kënnen ëmzesetzen a fir déi Surfacen ze kréien, déi fir de Bau vun deenen néidegen Transportinfrastrukturen um Site vun Esch/Belval noutwendeg sinn. Déi Infrastrukture si wéi gesot ëmsou méi noutwendeg, wann een den Objektiv vum „modal split“ op de Friche vu 40/60 par rapport zu 25/75, dee mer jo op nationalem Plang hunn, wëllt erreechen. Duerfir brauche mer dann insbesonnesch op de Friche de Bau vun engem Park&Ride an och de Bau vun enger neier Gare op där Plaz.

D'Liaison Micheville mat viraussichtlech sechs bis siwe Joer Bauzäit ass och e gutt Beispill fir ze illustréieren, dass sech d'Projete kënnen iwwer e puer Joer hincéien - leider. Dat geet net schnell. Wéinst der Durée ass et am Endeffekt schwéier ze soen, wat de genauen definitive Montant vun de Käschten ass, respektiv ass et och schwéier anzeschätzen, wann och nach nei Problemer kommen. Ech mengen, et ass jo och gewosst, d'Rapportrice war dorop agaangen, dass déi ganz Problematik vum Assainissement vu verschiddene Plazen derbäikënn.

Op alle Fall ka meng Fraktioun contraiement zum Statsrot déi nei Virgehensweis vum Bauteminister, nämlech de Projet an e puer Phasen opzedeelen, duerchaus matdroen, an dat ëmsou méi, well d'Parlament a senger Kontrollfunktioon iwwert d'Exekutiv jo dann och gestärkt gëtt.

Ofschléissend wëllt ech also soen, dass d'DP dëse Projet wäert stëmmen an dass mer doranner och e wichtige Schrëtt gesi fir déi weider Rekonversioon vun enger ganzer Regioun am Süde vun eisem Land.

Ech soen lech Merci.

» **Plusieurs voix.** - Très bien!

» **M. le Président.** - Merci, Här Berger. D'Wuert huet dann déi honorabel Madame Lydia Mutsch.

» **Mme Lydia Mutsch (LSAP).** - Merci, Här President. Hei ass also elo déi zweet Phas vun engem Gesamtpackage vun dräi Gesetzestexter fir déi sougenannte Liaison Micheville, wou et dorëm geet, fir e Raccordement ze kréie vum Site Esch/Belval un de Stroosseréseau.

Mir kënnen eis all nach erënneren, well et ass jo nach net esou laang hier, wéi mer am August 2005 d'Drostruktur gestëmmt hu vun engem Tunnel mat enger Längt vu 432 Meter - deemools war méi déi Längt do am Gespréich wéi eppes anescht - an och den Accés vum Site op de Square Mile.

Hei ass also déi zweet Partie, wou et dorëm geet, fir bis d'Route nationale 31 - oder d'RN31 - ze fuere Richtung Raemerech am Norde vum Site, an och fir den Tronçon bis d'franséisch Grenz am Süden ze zéien.

Et ass och hei scho gesot ginn, d'Projektioun op den drëtte Gesetzestext, dass dat de Contournement ass, op dee virun allem d'Leit vun de concernéierte Gemengen a virun allem vum Quartier Raemerech waarden.

Nom Ofschloss vun dësen Aarbechte schafe mer fir Belval eng Configuratioun, déi eng Separatioun vun deene vereenzelte Verkéiersflëss um a vum Site Belval Richtung Esch a Bieles awer och doriwwer eraus schafft, an och d'Realisatioun vu Busspuren, Trottoiren, Vëlospisten op der RN31.

Och wann ee sech d'Fro stelle kann - et gëtt bestëmmt eng Äntwert a se wier interessant ze héieren -, firwat de Globalprojet net schonn integral eigentlech an den zweeten Deel huet kënnen integréiert ginn, muss een awer dem Minister héich urechnen, dass hie säi Versprieche, wat hie gemaach hat, gehalen huet, dass hie schnell géif mam Nofolgeprojet kommen, nodeem mer 2005 deen éischten Deel gestëmmt hunn.

(**Mme Colette Flesch prend la Présidence**)

Et muss een och wierklech soen, dass d'Suïté vun den Aarbechte schnellstméiglech garantéiert sinn iwwert dëse Projet de loi, an och d'Iwwergangsléisung, wéi mer se elo kréien, den Trafic schonn zum Deel entlaaschte kann, an och d'RN31, wou wierklech en onheemleche Verkéiersopkommes ass, schonn entlaaschte kann, och duerch déi Mise en service vun enger Strooss südlech vun de Killweieren.

Wann een dat Stéchwuert Killweieren nennt, da muss een och hei soen, dass nieft der Verfestegung an dem Dépôt vun deem Buedem, deem ee brauch respektiv eraushëlt, fir d'Terrassen an d'Voirie ze maachen, och d'Entsuerungsproblematik vun de Killweiere wichteg ass, dass déi also traitéiert ginn, well fir eis an där Géigend hënk net nëmmen den Assainissement tel quel drun, mä och d'Réoccupatioun, well dat eng Bedéngung sine qua non ass vun der Renaturatioun vun der Dipbech, esou wéi mer de Projet mam Ministère de l'Environnement zesumme geplangt hunn. Esou dass dat eent an dat anert iwwergeet.

Elo ass et jo esou, dass ëmmer méi Leit ufänken ze mierken, dass et beim Projet Esch/Belval net nëmmen ëm e Projet geet, dee virrangeg d'Gemengen am Süden oder d'Gemengen Esch a Suessem concernéiert an interesséiert, mä dass et virun allem en onheemlech wichtigen an interessante Projet ass aus landesplanerescher Siicht, aus urbanistescher Siicht.

Hei gëtt e Modellprojet gemaach, deem net eng Zone d'activité duerstellt, mä e Quartier, wou d'Mixitéit vun de Fonctiounen am Vierdergrond steet. Et ass och e Projet - dat kann ee feststellen, wann ee regelméisseg dohinnergeet -, dee sech elo an engem rasanten Tempo dévèloppéiert an dee sech och schnell fëllt.

Et si schonn hei e puer Chiffere genannt ginn. Ech wëll der nach e puer drunhänken: 1.800 Aarbechtsplazen, déi elo schonn um Site sinn. Enn nächst Joer wäerte mer bei iwwer 3.000 Aarbechtsplazen op deem Site do leien. Mir ginn dovunner aus, dass mer an der Gesamtoptik tëscht 20 a 25.000 Aarbechtsplazen um Site Belval wäerten hunn. Mat der Ouverture vu Belval Plaza, also deem éischten Deel vun engem grouse Shoppingareal, ass mat iwwer 80.000 Visiteure pro Woch an deem Eck ze rechnen. Bis Joresenn wäerten am Kader vun deem Projet - well Plaza heescht net nëmmen akafen a Fräizäit gestalten, mä heescht och wunnen - déi ronn 100 éischt Awunner um Site sinn, vun enger Gesamtprojektioun vun tëscht 5.000 a 7.000 Awunner bis ongeféier 2012, 2015.

Bis Joresenn wäert och de Grondstee geluecht gi fir den éischte Bauabschnitt vun der Universitéit. Och dat ass e wichtegt Argument, fir ervirzebréngen, wann ee seet: D'Mobilitéit ass e wichtigen Thema um Site; an zwar net nëmmen d'Mobilitéit am Zusammenhang mat der Ergänzung vun de Stroosseréseauen, mat der eigentlech fir de Site liewenswichteger Liaison Micheville, mä och wat den „modal split“ ubelaangt vu 40/60. Deen ambitiësen „modal split“, vun deem mäi Virriedner och scho geschwat huet, dee mer müssen hunn, fir dass mer um nationale Plang och nëmme kënnen drun denken, dass mer eng Kéier a Richtung vun engem „modal split“ vu 25/75 kënnen goen.

Duerfir ass et am nämlechten Otemzuch wéi ee vun enger Liaison Micheville schwätzt genauouso wichtig fir och vun där neier Gare ze schwätzen, déi 2010, 2011 soll opgoen, vum Tram am Süde vum Land, well et war de groussen Avantage vum BTB, dass en eigentlech den Tram a senger ganzheetlecher Optik gesinn huet, an net nëmme fir d'Zentrumsregioun. Duerfir si mer frou, dass se zousätzlech zu den Diskussiounen, wéi se am Moment fir den Tram am Zentrum vun eisem Land sinn, gläichzäiteg an engem Groupe de travail thematiséiert gi fir de Süde vum Land; an hei natierlech mat engem Démarrage an a ronderëm de Site Belval.

En Thema ass och an deem Zusammenhang déi nei an och dréngend wichtig Eisebunnstreck Esch an d'Stad, Richtung Findel.

vläicht ass eppes nach drunzehänke vun der Liaison Micheville, well ech d'éinescht gesot hunn, dass mer jo nach en drëtten Deel hunn. Vu dass dee jo nach net integréiert ass an dëst Gesetz, wier et interessant, vun lech, Här Minister, ze héieren, ob Der och hei kënnt d'Ausso oprechterhalen, dass mer an dëser Legislaturperiod och nach deen drëtte Volet vun deem Dreierpackage vun der Liaison Micheville kënnen an d'Chamber kréien an dass och déi Aarbechten direkt um Uschloss vun deenen aneren Aarbechte kënnen stattfannen.

Dat gesot, Madame Presidentin, géif ech Merci soe fir d'Opmierksamkeet an och den Accord vu menger Fraktioun fir dëse Projet mat op de Wee ginn.

» **Mme le Président.** - Merci, Madame Mutsch. D'Wuert huet elo den Här Braz.

» **M. Félix Braz (DÉI GRÉNG).** - Merci, Madame Presidentin. Dat allermeescht ass scho gesot ginn an da brauche mir och als gréng Fraktioun dat net ze widderhuelen. Ech wëll just direkt aganks och d'Zoustëmmung bréngen vun der grénger Fraktioun fir dëse Projet, an awer dräi oder véier kleng Remarquë kuerz maachen.

Déi éischt zur Prozedur, déi gewielt ginn ass, fir dëse Projet an dräi Stécker opzedeelen, wou jo och eenzel Kritiken, notamment vum Statsrot, komm sinn. Mir mengen allerdingss, dass déi Prozedur, déi zréckbehale ginn ass, sech bewäert huet. Wann een zugronn leet, dass eng Prozedur no Méiglechkeet soll e Resultat produzéieren, wat an den Délaie bleift an an den Devisé bleift, da muss ee soen, huet am Moment déi gewielte Prozedur, fir dräi Etappen uneneenzereien, dat bruecht, wat se ze bréngen hat.

Mir sinn an den Délaie fir déi éischt Phas, wéi mer et virgesinn haten. A mir sinn och - d'Madame Andrich huet et scho gesot -, wat den Devis betrëfft, aller Viraussicht no esou, dass mer wäerten ënnert dem Devis kënnen bleiwen an net driwwer. An deem Sënn huet déi Prozedur - an der Theorie kann ee sécher villes driwwer soen, mä - dans les faits dat bruecht, wat ee Projet soll bréngen. Duerfir menge mer schonn, dass dat de richtige Wee war.

Déi zweet Remarque ass fir ze bemierken, dass dee Projet, wéi en elo an der Diskussioun ass, awer och nach seng Bedeutung huet, wa mer herno déi drëtt Phas vun deem Projet, also de Contournement vu Raemerech, diskutéieren; an zwar den Aspekt, ob mer et fäerdeg bréngen, déi Leit, déi do wunnen, och zum Deel vum Verkéier ze entlaaschten.

Wa mer och elo en Deel Verbesserung kënnen feststellen; et gëtt an Zukunft net méi de ganzen Transfrontaliersverkéier iwwert d'RN31 laanschtgefouert, iwwert déi al an haut nach ëmmer vill benotzte Strooss. Do entsteet fir déi Leit, déi do wunnen, eng Verbesserung par rapport zum Bestehenden.

Duerch déi Iddi, déi vun der Stad Esch an d'Diskussioun bruecht ginn ass, fir en Deel vum Verkéier méi no bannen um Site laanscht d'Weieren ze bréngen, bréngen mer et och fäerdeg, dass de Projet Belval net zu enger zousätzlecher Belaaschtung wäert féieren, doduerch, dass alles, wat op der Friche entsteet a Richtung Esch oder Bieles geet, kann iwwer eng aner Strooss gefouert ginn, wéi iwwert d'RN31.

Wat bleift, ass awer en Deel vum Verkéier, dee Richtung Bieles, Metzlerlach, Déiferdeng fiert, dee mer leider net aus der RN31 wäerten - esou wéi et haut ausgesäit - kënnen eraushuelen. Dat ass schued. Et huet ee laang gehofft, och am Intérêt vun deene Leit, dass et géif méiglech ginn, dass an Zukunft op der RN31 nëmmen nach de Bus géif fueren an de Vëlo kéint fueren. Dat geléngt also net komplett. Et geléngt eis zum Deel; dee Splitte vum Verkéier solle mer och als e Fortschrëtt huelen. Mä trotzdem, e bësse Regretë müssen erlaabt sinn. Et hätt een et och gäre gesinn, wa mer dat ganz fäerdeg bruecht hätten.

Eng drëtt Remarque, dat ass eng Fro a gläichzäiteg och eng Opfuerderung un den Här Wiseler. Dat ass fir mat deem Sanéierungskonzept, wat elo gemaach gëtt, och an der Phase transitoire par rapport zum Crassier Éilereng méi offensiv ëmzegoen a selwer derfir ze suergen, dass déi Leit, déi direkt dovunner beträff sinn, richtig informéiert ginn.

Här Wiseler, Dir misst vläicht do bei Ärer lokaler CSV-Sektioun ufänken deenen ze erklären, wat mat deem Projet gemaach gëtt, well et huet een awer d'Gefill, dass um kommunalen Niveau Är Leit net ëmmer déiselwecht Sprooch schwätze wéi dat, wat hei an der Chamber vun der Regierungspartei CSV gesot gëtt.

Mir mengen, dass dat, wat hei amgaangen ass gemaach ze ginn, richtig ass, dass dat eng kohärent Äntwert ass op dee Problem, deem ze léisen ass. Mä d'Regierung ass gefuerdert, fir op der Plaz de Leit et ze erklären, mat den Argumenter, déi jo um Dësch leien, déi do sinn. Da mengen ech och, dass d'Leit verstinn, dass dat heiten eng vernünfteg Saach ass, déi amgaang ass gemaach ze ginn. Dann hunn och déi Leit, déi probéieren zu Bieles a ronderëm Saachen unzedeiten a soen, déi vläicht net esou stëmmen, et méi schwéier.

Mir erwaarden eis do vun lech, Här Minister, dass Der mat där doter Fro ganz offensiv ëmgitt an daitlech maacht, ëm wat dass et hei geet, a virun allem och ëm wat dass et net geet.

Déi véiert a lescht Remarque: Hätte mer haut schonn een eenzege Minister fir Travaux publics an Transport, dann hätt een effektiv och haut kënnen mam Här Wiseler iwwer aner Saache schwätzen, wéi nëmmen iwwert de Stroossebauvolet. Et gëtt eng ganz Rei aner Voleten, déi op Belval och zur Mobilitéit gehéieren, déi et wäerte méiglech maachen - och dëse Projet hei -, dass mer en „modal split“ op Belval erreechen, dee landeswäit virbildlech ass, well mer och op aner Mobilitéite setzen; wéi den Tram, dee mir ganz staark ënnerstëtzen a froen an och wëlle virundreiwen, wéi d'alternativ Mobilitéiten, déi op der Friche Belval wäerte stattfannen.

Mä den Här Wiseler ass an dëser Regierung nëmmen zoustänneg fir ee vun deenen zwee Ressorten. Et ass awer wichtig, dass een och haut erwähnt, dass op Belval net nëmme Stroosse gebaut gi fir den Individualverkéier, och an engem Beräich Transfrontalier, mä dass do all d'Mobilitéiten op engem Niveau si wéi se am Rescht vum Land virbildlech wieren. Mat deene puer Remarquë bréngen ech d'Zoustëmmung vun eiser Fraktioun a soen lech Merci.

» **Une voix.** - Très bien!

» **Mme le Président.** - Merci, Här Braz. Den nächste Riedner ass den Här Mehlen.

» **M. Robert Mehlen (ADR).** - Merci, Madame President. Och vun eiser Säit Merci un d'Rapporteuse, déi eis hei genau erzielt huet, ëm wat et geet. Duerfir brauch ech net am Detail drop anzegoen. Mir hunn dem éischte Projet, der éischer Tranche an duerfir och generell dem Projet eis Zoustëmmung ginn, well mer der Meinung sinn, datt d'Realisatioun vun deem Projet hei absolut noutwendeg ass, besonnesch fir Esch ze entlaaschten a fir de Flux aus dem franséische Grenzgebitt a Lëtzebuerg - der Hauptstadt och haaptsächlech - ze erliichteren.

Déi éischt Enveloppe, Madame President, dat ware 76 Milliounen Euro. Den Här Minister hat eng gutt Nouvelle fir eis, wéi hie gesot huet, hie géif warscheinlech iergendwou bei 60 kënnen bleiwen. Dat huele mer natierlech gär zur Kenntnis.

Déi zweet Enveloppe, déi mer elo solle stëmmen, läit bei 115 an eng hallef Millioun Euro. Dat sinn ëmmerhin - an ech ginn net fäerdeg dat ze widderhuelen, well déi Milliounen Euro esou kleng sinn - 4,7 Milliarde Frang; dat virdu waren der 2,4. Et ass kee kleng Projekt, dee mer hei stëmmen. Da muss ee sech jo nach d'Fro stellen, wat et dann nach kascht, fir dat Ganzt fäerdeg ze maachen.

Dat werft d'Fro op vum Gesamtkäschtpunkt, mat deem d'Chamber konfrontéiert ass, wa se e Projet soll stëmmen. Et ass natierlech - an et versteet ee jo och der Regierung hir Suerg - no all deenen Aventure, déi mer an der Vergaangenheet haten, fir ze soen: Da fuere mer léiwer mat Tranchen an da bleiwe mer méi no bei der Realität. Mä fir de Législateur ass et awer méi schwéier, fir dës le départ ze soen: Okay, dat doten ass e Projet, dee kascht esou vill, a mir sinn domat d'accord, datt de Stat duerfir esou vill investéiert.

Wann ee kuckt wat d'Frais d'entretien ausmaachen, et steet an der Fiche financière 2,6 Milliounen Euro, dat sinn och eppes liicht iwwer 100 Milliounen Lëtzebuerg Frang. Dat ass net wéinig, wat dat Material kascht, eleng fir dat Ganzt um Lafen ze

behalen. Och dat muss een, wann een hei den Investissement votéiert, virun Aen hunn.

(M. Lucien Weiler reprend la Présidence)

Wat eis awer ganz speziell stéiert - an ech wäert de Rescht vu menger Zäit dorop verwenden -, dat ass, datt vun deenen 115 Milliounen Euro, déi elo sollen investéiert ginn, ronn 20 Milliounen fir d'Dépollutioun vum Terrain mussen opgewannt ginn. Dat ass erëm datselwecht. 20 Milliounen Euro, mäi Gott, wat ass dat? Dat sinn 800 Milliounen där aler Lëtzebuerger Frang! Dat ass schrecklech vill Geld, wann ech gesinn, wéi mer am Stat heiansdo drëm streiden, fir hei oder do e puer Suen ze kréie fir Saachen, déi noutwendeg an nätzlech sinn.

Här President, ech hu virun engem Joer eng Fro gestallt gehat iwwert déi ganz Situatioun an ech muss mech bei der Regierung bedanken, well ech hunn deemools eng ganz ausféierlech Äntwert kritt. Aus där Äntwert geet ervir, datt 2,2 ha op deem Site do contaminéiert sinn an datt ronn 35.000 m³ dovunner beträff sinn. Doniewent géifen et nach verschidden Deponië ginn, déi insgesamt 16 ha géifen ausmaachen an dat géif 1,1 Milliounen m³ Buedem ausmaachen.

Nëmme just fir emol opzeweisen, datt dat do keng Peanuts sinn. A wann een dann d'Erklärung vun der Regierung liest, wéi déi aktuell gesetzlech Situatioun an deem Zesummenhang ass, da gesi mer, datt d'Offallgesetz vum 17. Juni '94 de Verursaacherprinzip, de Principe pollueur-payeur invoquéiert. Dat heescht, datt de Res-

ponsabele vun der Pollutioun och d'Käschte vun der Sanéierung muss iwwerhuelen. Dat ass bei eis Gesetz.

De Compromis de vente regléiert den Ëmgank mat contaminéierte Flächen tëscht der Entwécklungsgesellschaft Agora an dem Stat, schreift d'Regierung. Basis ass: Agora verkeeft dem Stat Terrainen, déi assainéiert sinn, gemäß dem Sanéierungskonzept vum Ëmweltministère vum 30. Januar 2004. Insofern Moossname sollten ergraff ginn, déi iwwert dës Sanéierungskonzepter eraus ginn, wärend dës op d'Käschte vum Keefer duerchzeféieren.

Dës supplementar Käschte ginn, wann der sollten ufalen, an deene verschiddene Gesetzesprojeten, déi d'Regierung der Chamber virleet, separat opgezeechent. An deem Zeenario si mer elo. Dat heescht, et muss een da soen, d'Regierung huet trotz allem eng Kaz am Sak kaaft, a mir sinn elo amgaang, déi Kaz ganz deier ze bezuelen.

Wann de Verursaacherprinzip festgeschriwwen ass, da misst e jo fir all Mënsch gëllen. Et muss een awer hei feststellen, datt dat net geschitt ass. Mir liesen aus engem Procès-verbal vun enger Kommissiounssetzung, datt beim Kaf vum Terrain - dat heescht beim Kafpräis - de Prinzip pollueur-payeur berücksichtegt gi wär. Dann héiere mer awer, datt e Plaffong agesat gi wär, wéi wäit datt de bisherege Propriétaire misst derfir opkommen, a wann et géif iwwert dee Plaffong erausgoen, da géif d'Regierung oder de Steuerzueler derfir opkommen.

Ech hunn aus engem Procès-verbal vun der Commission des Finances vum 06.07.2001 erausgelies, datt deemools insistéiert ginn ass, datt de bisherege Propriétaire, dat heescht d'ARBED, misst insgesamt fir déi Dépollutiounskäschten opkommen. Wéi gesot, hei huet effektiv, aus wat fir engem

Grond och ëmmer, de Stat am Fong geholl de Risiko iwwerholl, a mir mussen elo deier derfir bezuelen.

Ech wëll an deem Zesummenhang eng Fro opwerfen. Mir hunn e Gesetz, wat imposéiert, datt deejéinegen, deen eng Pollutioun gemaach huet, muss d'Dépollutioun bezuelen. A mir hu Fäll am Land, wou kleng Leit, een, deen eng Tankstell bedriwwen huet oder esou, effektiv - wéi een dat esou op Lëtzebuergesch seet - bis op de Kalzong ausgedoe si ginn, fir déi Dépollutioun do missen ze bezuelen. Hei ass - wéi gesot, aus wat fir engem Grond och ëmmer - sech doriwwer ewechgesat ginn. Mir werfen also d'Fro op: Wéi ass et da mam Artikel 10bis vun der Constitutioun, wou et heescht, d'Lëtzebuerger sinn alleguer gläich virum Gesetz?

Mäi Kolleeg Gibéryen, dee laang Buergermeeschter an der Fréisenger Gemeng war, huet eis eng flott Geschicht erzielt,...

» Une voix.- Dee verzielt vill Geschichten.

» M. Robert Mehlen (ADR).- ...wou e Bassin de rétention sollt gebaut ginn a wou se op eng Kéier festgestallt hunn, datt op där Plaz do de Jhangli ëmmer stallgehalen huet an datt de Buedem contaminéiert war, well, wéi et schéngt, déi Maschinnen och alt e bësse gesabbelt hunn. A wann ech mech gutt erënneren, dann huet dat d'Gemeng Fréiseng eng Millioun Euro kascht, fir déi Plaz do ze décontaminéieren.

Ech hätt mer gewënscht, datt dann dee Prinzip do esou ugewannt gi wier, wéi en hei ugewannt gëtt. Dat wär jo da vläicht eng Ursach fir eis, fir dem Projet eis Zoustëmmung ze ginn, wann an Zukunft all Mënsch esou gutt ewechkënn, well d'ARBED hei ewechkënn, well d'ARBED

hätt d'Sue gehat, fir d'Décontaminatioun ze bezuelen, oder wa se dann extra Konditiounen kritt huet.

Iwwert déi Aart a Weis, wéi déi Décontaminatioun hei gemaach gëtt, kann een zum Deel och diskutéieren.

Ech erënnere mech drun, datt mer an der Zäit emol Diskussiounen haten - do waren och 800 Milliounen Frang am Spill - iwwert d'Goudrongsfabrik, wou et e schrecklech opwändege Procédé war - de Buedem ass an Holland gefouert ginn an do duerch en Uewe gekéiert ginn -, wou de Stat och fuerchtbar vill Geld bezuelt huet. Vlächicht hätt ee jo dann och kënnen e vereinfachte Procédé duerchféieren, wéi dat hei de Fall ass.

Wéi gesot, Här President, well hei den Artikel vun der Constitutioun, dee seet, mir wärend all gläich virum Gesetz, an och d'Gesetz, wat seet, datt de Prinzip pollueur-payeur misst ugewannt ginn, net esou respektéiert ginn, wéi se misste respektéiert ginn, wäerte mir eis bei dësem Projet enthalen. Mir si grondsätzlech natierlech mam Projet d'accord. Awer déi 20 Milliounen Euro, déi dat kascht, wou de Steuerzueler muss fir eppes opkommen, wat hie selwer net verursaacht huet, dat wäert eis dozou bréngen fir eis ze enthalen.

Ech soen lech Merci.

» Une voix.- Très bien!

» M. le Président.- Merci, Här Mehlen. Den Här Jaerling huet d'Wuert.

» M. Aly Jaerling (Indépendant).- Merci, Här President. Och Merci der Madame Rapportrice.

Nodeem wat den hallwe Schännerot vun Esch hei virbruecht huet, wat ech ënner-



Chambre
des Députés
L U X E M B O U R G

Chamber TV
weist all
öffentlech Sëtzung
live an integral

An der Stad
um Kanal S29 (Coditel) oder
um Kanal S40 (Eltrona/Siemens)

Zu Esch
um Kanal S24 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Déifferdang
um Kanal S29

An der Gemeng Diddeleng
um Kanal S32

An der Gemeng Nidderaanwen
Kanal S29

An der Gemeng Bartreng
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Walfer
um Kanal S29 / 367.25 Mhz

Zu Biwer an zu Wecker
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bous
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Bërmereng um
Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Konter
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dippech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Dikrech
um Kanal S19 / 287.25 MHZ

Zu Iermsdref
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Esch-Sauer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Nidder- an Uewerfeelen
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Gréiwemaacher
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hieffenech
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Hesper
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Zu Kielen (& Brameschhaff),
Keespelt, Meespelt,
Ollem a Nospelt
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Mamer
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Manternach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

An der Gemeng Medernach
um Kanal S40 / 455.25 Mhz

Chambre des Députés

Compte rendu officiel

Supplément commun aux quotidiens:

Luxemburger Wort, Tageblatt, Lëtzebuerger Journal,
Zeitung vum Lëtzebuerger Vollek

Contenu rédactionnel:

Service du compte rendu de la Chambre des Députés
Service des relations publiques de la Chambre des Députés
Tél. 466 966-1

Conception, saisie de texte et mise en page:

Polygraphic Communication SA, Differdange

Concept et coordination générale:

BRAIN & MORE, agence en communication, Luxembourg

stëtzen, hunn ech am Fong net vill bäize-fügen. Mä et ass scho richtig, wat den Här Braz gesot huet, dass een awer, Här Minister, misst der CSV doënnen aus dem Süde vläicht e bëssen op d'Fanger klappen an hinnen erklären, wa se eppes schrëftlech matgedeelt kréien, dass dat schwaarz Buschtawe sinn an dass se déi vläicht och emol eng Kéier sollte liesen.

Op jidde Fall ass dat, wat den Här Mehlen hei gesot huet, ganz richtig, dass dee Sanéierungskonzept an och d'Prozedur iwwert déi Sanéierung net déi ass, déi de gesetzleche Bestëmmungen entsprécht, an och net déi ass, déi meng Zoustëmmung fënnt, well et einfach e System ass - ech menge wann een higeet an et geet een op den Helleg-Geescht-Plateau an et tippt een alles op e Koup an et versigelt een et dann, da wëll ech emol drun erënnern, dass mer en ähnleche Prinzip déi éischte Kéier um Ronnebiërg haten.

Et ass um Ronnebiërg och déiselwecht Prozedur agefouert ginn, an dee Betrib, deem am Fong de Ronnebiërg bedriwwen huet, huet missen 300 Milliounen aler Frang fir d'Sanéierung bäileeën. Wat fir e klenge Betrib net weinéig ass, quitte dass en och während Joren natierlech Profit aus där ganzer Affär gezunn huet. Mä et stellt een awer fest, dass um Ronnebiërg nach ëmmer muss nogebessert ginn, nach ëmmer erëm Réier eragedréckt ginn, fir dass déi Gasen, déi sech do ënnert deem Teppech entwéckelen, kënnen entweechen.

An d'Fro vum Grondwaasser stellt sech och nach ëmmer, well nodréiglech och emol misst vun Zäit zu Zäit kontrolléiert ginn, wéi et mat der Grondwaasserbelaaschtung steet. Hei riskéiere mer an déiselwecht Richtung ze goen. Hei gëtt jo nach méi e Koup vu polluëiertem Buedem stockéiert. Do misst een awer kucken, éischstens emol, dass effektiv deem, dee polluëiert huet, misst déi voll Käschten droen, an zweetens misst ee sech nach eng Kéier iwwerleeën, ob dee Prinzip vun der Versigelung vun deem verseuchte Buedem op enger Plaz dee richtege Prinzip ass an ob dat net an Zukunft eng ökologesch Bomme gëtt, déi mer iergendwann eng Kéier net méi an de Grëff kréien.

» **M. le Président.** - Merci, Här Jaerling. Den Här Minister Claude Wiseler huet d'Wuert.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Merci, Här President. Ech schlësse mech och all deene Merciën un, déi d'Rapportrice, d'Madame Andrich, schonn ausgedréckt krut. Si huet hei eng gutt a schnell Aarbecht gemaach, a mir si gutt weiderkomm.

Zu deem Projet de loi, dee mer virdu gestëmmt hunn, huet ech weess net méi wie gesot, dass an der Diskussioun iwwert d'Recherche d'Uni am Fong dee gréissten Investissement ass, dee mer fir eis Zukunft géife maachen. Dat ass sécher richtig, mä ech mengen an där Diskussioun war gemengt ginn, dass all déi intellektuell an déi geeschteg Efforten, déi dëst Land muss an Zukunft maachen, dat bescht Investissement wieren.

Vu dass ech awer Bauteminister sinn, hunn ech déi do Remarque wesentlech méi terre à terre, um éischten Niveau geholl. Déi grouss Investissementer, déi mer am Süde vun eisem Land maachen, déi sech dévloppéieren an déi den Développement vum Site Belval maachen, dat sinn Investissementer, déi an hirem Ausmooss, an der Rapiditéit, wéi se gemaach sinn, sécherlech zu deene ganz grouss baulechen Investissementer gehéieren, déi dëst Land an

deene leschte véier, fënnef Joer gemaach huet an an deenen nächsten zéng Joer och nach wäert maachen.

Mir investéiere ronn 560 Milliounen Euro fir d'Gebaier vun der Uni, mä niewendrun investéiere mer och nach an de Lycée. Mir hunn do an eng Rockhal investéiert. Mir bauen eng Pépinière d'entreprises do. Mir bauen Archiven do. Mir baue Logementer do. Mir baue Studentewunnengen do. Mir setzen d'Héichiewen a Stand a bauen e Centre national de culture industrielle do. Mir baue Sportsinfrastrukturen do. Mir bauen eng Gare do. Dat muss een alles bei déi 560 Milliounen derbärechnen. Dobäi muss een nach deen hei Projet rechne mat sengen dräi Phasen, plus all déi Stroossebauprojeten, déi gemaach gi vun der Agora, fir den interne Verkéier ze leeden, deem op deem Site wäert stattfannen.

Esou en Investissement, wéi hei realiséiert gëtt an de Gemengen Esch a Suessem, ass an deene leschte Joren net op esou eng konzentréiert Aart a Weis geholl ginn, fir eng prezis Plaz vun eisem Land ze entwéckelen.

Ech wollt dat just eng Kéier widderhuelen, well dat hei nëmmen een - am Fong klengen - Aspekt ass. Och wann en a senger finanzieller Dimensioun schonn impressionnant ass, ass en awer trotzdem nëmmen e klengen Aspekt vun den Investissementer, déi am Süde vun eisem Land gemaach ginn.

Dat hei ass den zweete Projet. Et ass virdu gesot ginn. Deen éischte louch bei eppes méi wéi 75 Milliounen. Deen hei läit bāi 115. En drëtte wäert nach hannendrukommen.

De Conseil d'État huet d'Fro gestallt, ob déi Prozedur hei déi richtig ass, mat där mer virginn, fir dat an dräi Etappen ze maachen. Déi meescht Fraktiounen hu gesot, dass si mat där Prozedur hei zefridde sinn, well et eis deen noutwendegen Iwwerbléck gëtt, well et eis och déi noutwendeg Capacitéit gëtt, fir de Projet lues a lues ze entwéckelen a finanziell anescht am Grëff ze halen.

Ech stellen eppes fest an der Realitéit, well ech jo mat all deenen Theorien, déi entwéckelt ginn, net vill kann ufänken. Als Bauteminister gëtt een extrem realistesch mat der Zäit. Ech kucken hei d'Realitéit: Wa mer et anescht gemaach hätte bei dësem Projet, da kann ech elo scho soen, dass mer doniewent gewiescht wären an dass mer genau déiselwecht Problemer gehat hätten, wéi a Projete virdu.

Mir gesinn, dass deen éischte Projet wesentlech méi bëlleg gëtt. Dat ass vläicht elo eng Ausnahm, mä trotzdem: E gëtt méi bëlleg. Et ass eng aner Zomm wéi déi, déi an d'Gesetz gesat ginn ass. Ech soen dat awer mat Plëséier, dass e méi bëlleg gëtt. Deen zweeten Deel vum Projet, dee mer elo amgang sinn ze maachen, wa mer dee virun 2005 gestëmmt hätten, dann hätt e jo sécher net gestëmmt, well mer am Fong mat engem ganz anere Konzept mussen dorunnergoen, wéi 2005 geplangt war.

Mir hunn dee Projet missen der Realitéit am Laf vun de Joren upassen, an dat beweist mer, dass dat hei am Fong déi eenzeg Prozedur ass, déi logesch ass a mat där ee korrekt mat der Chamber kann ëmgoen.

Deen drëtte Projet wäert och deem Konzept, wat mer elo fir deen zweeten entwéckelt hunn, missen ugepasst ginn, esou dass et aus dësem Projet eleng d'Konklusioun zéien, dass déi Aart a Weis, wéi mer hei - Chamber a Regierung gemeinsam - un déi do Projeten eruginn, déi eenzeg ass, déi eis iwwert de Bierg hëlleft. Mir stëmmen zwar dräimol, mä mat deem anere Wee hätte mer och dräimol gestëmmt, well mer zweemol hätte missen nostëmmen, an et

wär net opgaangen. Also fannen ech dat hei besser.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Dat fällt net op.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Här Gibéryen, Dir sot, et fällt net op. E Bauprojet ass e Projet, deen Der net zéng Joer am Viraus kënnt virgesinn. Dee musst Der der Realitéit upassen. Dir kënnt soen, et fällt net op. Ech soen, et ass méi éierlech a méi korrekt, wéi mer hei mat der Chamber ëmginn, well mer eis hei eng Method ginn hunn, fir déi Projeten uerdentlech ze suivéieren. Par ailleurs, mengen ech, waart Dir mat där Method d'accord.

» **M. Gast Gibéryen (ADR).** - Jo, mir sinn domat d'accord, mä et muss ee wëssen, Här Minister, dass et ëmmer besser wier, wann ee mat engem Projet ufänkt, wann een trotzdem wéisst, wou een hanne géif - global gesinn - erauskommen. Dat wësse mer mat dëser Prozedur net.

» **M. Claude Wiseler, Ministre des Travaux publics.** - Dat wär natierlech besser, mä d'Realitéit ass eben, wéi d'Realitéit ass. Als Bauteminister géift Dir och relativ schnell gesinn, dass Der dat an engem Bau vun zéng Joer net ronnkritt, a jiddferen, dee scho selwer doheem gebaut huet,...

(Interruption)

...dee weess, wat fir enge Saachen hien hei ausgeliiwert ass. Eleng wann ech d'Augmentatioun vum Pétrolspräis an deene leschten zween, dräi Joer huelen, déi direkt op de Käschtapunkt vun engem Bau erawierken, da kënnt Der net soen, dass Der dat 2005 gewosst hätt. Ech fannen, dass mer hei eng gutt Method zesummen entwéckelt hunn, fir dat ze maachen.

Da wëll ech der Madame Buergermeeschtesch vun Esch, der Madame Mutsch, soen, dass effektiv deen eenzege Problem, deen et bei där doter Method a mengen Aen gëtt, deen ass, dass ech de Suivi muss kënnen assuréiere vun enger Etapp hannert där anerer, fir keng Interruption am Chantier ze kréien a fir mer d'Méiglechkeet ze ginn, dat och reibungslos vun enger Etapp an déi aner iwwergoen ze loossen. Dat kann natierlech, deemno a wat fir eng prozedural Problemer ee mat senger Gesetzestexter kënnt, heiansdo e Problem ginn. An do muss een extrem drop oppassen.

Duerfir hutt Dir d'Fro gestallt: Wéi ass et mat deem drëtten Projet? Komme mer weider? Gëtt deen zur Zäit déposéiert?

Mir sinn elo amgang, relativ zolidd dorunner ze schaffen. Mir denken, dass mer ufanks nächst Joer kënne prett sinn, fir de Projet ze déposéieren hei an der Chamber, an dann hānt et vun de Chamberprozeduren of, wéini mer e gestëmmt kréien, mä dat läit awer am Timing gutt, esou wéi dat momentan ausgesäit.

Wat de fransésische Volet vum Dossier ugeet, do huet deen een oder deen aneren ënnerstrach, dass mer effektiv - an Dir konnt dat an der Press liesen - jo Diskussiounen haten, heiansdo Schwieeregkeeten haten, well déi franséisch Säit net an deem Rhythmus virukomm ass, wéi mer dat initialement gemengt haten. Do, no villen Diskussiounen op allen Niveaue mat de fransésische Lokal-, Regional- an Nationalpolitiker, gesäit et awer elo esou aus, wéi wa mer och op där Säit Positives ze vermelden hätten a virukomme kéinten.

Natierlech, ëmmer wann een esou e Bauprojet huet op engem Site, dee schonn amgang ass ze fonctionnéieren, an am Belval fonctionnéiert e schonn, hutt Der ëmmer Transitiounsschwieeregkeeten. Duerfir soen ech deene Gemenge Suessem an Esch Merci, mat deene mer hei an enger gudder Kooperatioun kënne probéieren, fir all Etapp vun den Transitiounen verkéiersméisseg esou an de Grëff ze kréien, dass se och fir déi Leit, déi do wunnen an déi do schaffen, uerdentlech a korrekt iwwert d'Bühn kënne bruecht ginn.

Dann zum Projet Assainissement e puer Wuert, déi ech och wëll hannendru soen. De Grondprinzip vun deem, wéi deen Assainissement sengerzäit ugepaakt ginn ass, ass, dass mer vun deem Buedem, deen do läit an dee mer mussen déplacéieren, wa mer esou e Projet wéi deen hei maachen, keng Exportatioun géife maachen. Dat heescht, dass mer am Fong alles um Site esou vill wéi méiglech géifen traitéieren, ënnerbréngen an och erëm verschaffen, dass heescht eng Neutralisatioun in sito géifen u sech maachen. Dat war de Grondprinzip. Deen ass och bäibehale ginn, an och mat deene Wiesselen a mat deenen anere Massen, mat deene mer elo konfrontéiert sinn, kënne mer dee bäibehalen.

Mardi,
8 juillet 2008

Duerno sinn zwou Saache gemaach ginn, ier den Terrain d'Hand gewiesselt huet, ier de Stat den Terrain kaaft huet. Éischstens ass eng historesch Analys gemaach ginn, wou genau gekuckt ginn ass, wat an deene leschte Jorzéngten op deem Terrain do geschitt ass a mat wat fir enge Problemer mer dowéinst rechne kéinten.

Duerno, nodeem dat gemaach ginn ass, ass awer och nach um Site selwer en analytesche Proufprogramm duerchgefouert ginn, mat ronn 300 Bohrungen, wou genau analyséiert ginn ass, natierlech ëmmer mat Échantillonen, wat fir en Typ Problemer eis da kéinten erwaarden.

Duerno ass en Assainissementskonzept ausgeschafft ginn, eng Etüd Agiplan gemaach ginn, an op Basis vun där Etüd ass e Verkaufskontrakt gemaach ginn, wou och festgeluecht ginn ass, wat fir een Deel vum Assainissement dann elo vu wem misst gedroe ginn, a wou de Prinzip vum Pollueur-payeur och festgehal ginn ass an deem Accord, dee sengerzäit ausgehandelt ginn ass.

Elo gesäit d'Realitéit awer mat der Evolutioun vun deem, wat mer maachen, anescht aus, well de Buedem, deen elo ausgegruewe ginn ass an deene Projeten, déi gemaach gi sinn, an der Mass wesentlech méi grouss gëtt, well eis Streckeféierung zu engem Deel anescht verlagert ginn ass; well mer och décidéiert hunn, dass bei enger ganzer Rei Projeten nach zousätzlech Parkplaze missten ënnerdrënner gebaut ginn, wat dann de Massendéplacement vun deem méi grouss mécht, mä op där anerer Säit awer och d'Valorisation vun den Terrainen an d'Exploitation, déi de Stat dovunner mécht, wesentlech méi wäertvoll mécht; a well et drëtzens net méiglech ass, all déi Massen op de Plateau du Saint-Esprit ze kréien, wéi et initialement geplangt war, notament well de CRP Gabriel Lippmann, deen do implantéiert ass, déi Plaz ewechhëlt fir, esou wéi dat initialement geplangt war, en Deel vun deene Massen dohinner ze kréien. Dat obligéiert eis dann, déi Massen anzwousch anescht ze déplacéieren an en Assainissement in sito vun deene Massen, déi mussen déplacéiert ginn, ze maachen.

Dat explizéiert dann och - par rapport zu engem initialen Assainissementskonzept, dat am Verkaufskontrakt festgehal g war a fir dat e Prinzip bestanen huet, an deen och vum fréiere Propriétaire bezuelt ginn ass - den zousätzleche Käschtapunkt, deen Dir hei am Gesetz erëmfant. An deem Konzept ass och de Ministère de l'Environnement agebonne gewiescht, deen den Développement dovunner suivéiert a begleet huet, wéi en an där leschter Zäit entwéckelt ginn ass.

Fir mech ass et elo wichteg, dass mer an deem heiten Dossier esou schnell wéi méiglech virukommen, well déi Investissementer, déi hei gemaach ginn, an déi Leit, déi an Zukunft dohinner wunnen a schaffe kommen, déi maachen et ganz einfach néideg, dass mer déi Mobilitéit, déi mer op deem Site do wëllen, och kënne garantéieren. D'Individualmobilitéit selbstverständlech mam Stroossebau, mä awer och d'Mobilitéit fir den öffentlichen Transport, fir d'Bussen, fir d'Vëloen, déi mer mussen um Site hunn an déi deelweis och schonns mat concevéiert ginn ass, an natierlech och d'Mobilitéit fir de schneegebonnenen öffentlichen Transport, wou mer amgange sinn de Projet vun där Gare duerchzeféieren, fir dat och alles korrekt iwwert d'Bühn ze kréien.

Mir mussen hei schnell virukommen. Mir mussen déi vill staatlech Investissementer schnell dohanne maache kënnen, well et ganz kloer ass, dass de Rhythmus vun de staatlechen Investissementer mat sech bréngt, dass de Rhythmus vun de privaten Investissementer och méi schnell gëtt. Wat mer méi investéieren, a wat mer méi privat Investissementer op deem Site do kréien, wat de Projet am Allgemenge besser virugeet. Dat ass déi ganz Erausforderung, virun där mer hei stinn an déi mer mussen unhuelen. Wann ee kuckt, wat do alles realiséiert gëtt, och vu privater Säit, da gesäit een, dass dee Projet, dee mer hei amgange sinn ze maachen, momentan vill Succès huet, an ech hoffen, dass dat och an Zukunft wäert esou weidergoen.

Ech soen lech Merci fir d'Nolauschteren a fir d'Ënnerstëtzung.

» **M. le Président.**- Merci, Här Minister Wiseler. Da komme mer zum Vote vun dësem Projet de loi.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5845 ass ugehall mat 55 Jo-Stëmmen, bei 4 Abstentionen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank, Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Christine Doerner), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry, John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Alex Bodry), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Romain Schneider, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen, Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par Mme Colette Flesch), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox et Mme Viviane Loschetter;

M. Aly Jaerling.

Se sont abstenus: MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Robert Mehlen) et Robert Mehlen.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir kommen zum leschte Punkt vun eisem Ordre du jour vun haut. Dat ass d'Konvention iwwert den internationale Flugtransport. D'Wuert huet de Rapporteur, den honorabelen Här Angel.

9. 5852 - Projet de loi portant approbation du Protocole N°4, signé à Montréal, le 25 septembre 1975, portant modification de la Convention pour l'unification de certaines règles relatives au transport aérien international, signée à Varsovie, le 12 octobre 1929, amendée par le Protocole fait à La Haye, le 28 septembre 1955

Rapport de la Commission des Transports

» **M. Marc Angel** (LSAP), rapporteur.- Merci, Här President. Mat dësem Projet approvëiere mer de Protokoll N°4, dee schonn 1975 ënnerschriwwen ginn ass, also 33 Joer al ass, an deem d'Konvention vu Warschau vum 1929 soll änneren. Mir befannen eis hei an engem streng reglementéierten Domän vum der Loftfahrt, an ech mengen et ass och wichteg, dass et do gutt a streng Regele gëtt.

D'Konvention vu Warschau, dat war am Fong déi éischt international Konvention, déi d'Regele vum Flugverkéier geregelt huet, grad wéi d'Responsabilitéit vis-à-vis vum de Passagéier, de Bagagen an dem Fret. Déi Konvention gouf dräimol modifizéiert, eng kéier 1955, eng kéier 1961 an dunn eng drëtte kéier 1975, wou déi véier Protokollen hei ugehall gi sinn. Lëtzebuerg huet deemools och dräi vun deene véier Protokolle ratifizéiert, awer dee véierten net.

Bei deem véierte Protokoll geet et ëm de Régime juridique fir den Transport vun de Wueren. Et misst ee vläicht preziséieren, dass

d'Akraafttriede vun dësem Protokoll N°4 am Fong nëmmen eng Zwëschelëisung ass, well 1999 gouf zu Montréal eng nei Konvention iwwert den internationale Loftverkéier ausgeschafft. Déi Konvention ass iwwregens hei zu Lëtzebuerg per Gesetz vum 12. August 2003 ugehall ginn an a Kraaft getrueden. Den Exposé des motifs vun dësem Projet seet och, dass déi Konvention vu Montréal vum 1999, ech zitëieren: «est appelée à l'emporter sur la Convention de Varsovie et les instruments connexes».

Elo kéint ee sech jo dann d'Fro stellen - mir hu jo déi nei Konvention vum 1999 -, firwat gi mer dann hei nach dee Protokoll ratifizéieren? D'Äntwert ass ganz einfach: Déi Dispositionen, déi am Protokoll N°4 sinn, behalen hir Utilitéit vis-à-vis vun all deene Länner, déi d'Konvention vu Montréal vum 1999 nach net ratifizéiert hunn. En plus sinn och all déi Dispositionen vum dësem Protokoll méi no un deene vun der neier Konvention vu Montréal, am Verglach mat all deem vu virduen. Ausserdeem ass dat hei och deen eenzege Protokoll an dat eenzeg Dokument, wat mer als Lëtzeburger nach net ratifizéiert hunn am Kader vun der OACI.

Et geet also ëm de Régime juridique fir d'Marchandisen. Et vereinfacht den Handel, well mir kënnen all d'Flugdokumenter vereinfachen doduerch, dass een déi nei Technologien utiliséiere kann, fir déi Dokumenter ze erstellen. Dat setzt d'Käschten erof, ass also och gutt fir d'Kompetitivitéit vun den Entreprises am Flugverkéier. D'IATA mengt, dass, wann een déi ganz Dokumenter um elektronesche Wee ka maachen, am Joer kënne bis zu 1,2 Milliarden Dollar gespuert ginn. Dofir huet d'Introduktion vun dësem Protokoll N°4 och e grouse Soutien vun all den Acteuren an der Loftfahrt an och vun de Lëtzeburger Acteuren an der Loftfahrt.

De Statsrot huet säin Accord ginn, ouni eng Remarque ze maachen. Ech ginn lech hei den Accord vun der LSAP-Fraktion an ech géif lech bidden datselwecht ze maachen.

Ech soen lech Merci a wënschen lech es schéinen Owend.

» **M. le Président.**- Ech denken, dass d'Chamber de Recommandatioun vum Rapporteur nokënn. Ech soen am Numm vun der ganzer Chamber dem Rapporteur Merci, a mir kommen zum Vote vun dësem Projet.

Vote sur l'ensemble du projet de loi et dispense du second vote constitutionnel

De Projet de loi 5852 ass eestëmmeg ugehall mat 59 Jo-Stëmmen.

Ont voté oui: Mmes Sylvie Andrich-Duval, Nancy Arendt, M. Lucien Clement, Mmes Christine Doerner, Marie-Josée Frank (par M. Marcel Oberweis), Marie-Thérèse Gantenbein-Koullen, MM. Marcel Glesener, Norbert Hauptert, Mme Françoise Hetto-Gaasch (par Mme Martine Stein-Mergen), MM. Ali Kaes, Paul-Henri Meyers, Laurent Mosar, Marcel Oberweis, Gilles Roth, Patrick Santer, Marcel Sauber, Jean-Paul Schaaf, Marco Schank, Marc Spautz, Mme Martine Stein-Mergen, MM. Fred Sunnen, Lucien Thiel, Lucien Weiler et Michel Wolter;

MM. Marc Angel, Alex Bodry (par M. Roger Negri), John Castegnaro (par Mme Claudia Dall'Agnol), Mme Claudia Dall'Agnol, M. Fernand Diederich, Mme Lydie Err, MM. Ben Fayot (par M. Roland Schreiner), Jean-Pierre Klein, Mme Lydia Mutsch, MM. Roger Negri, Jos Scheuer, Roland Schreiner et Mme Vera Spautz;

MM. Eugène Berger, Xavier Bettel, Mme Anne Brasseur, M. Fernand Etgen (par M. Carlo Wagner), Mme Colette Flesch, MM. Charles Goerens, Paul Helminger, Alexandre Krieps (par M. Xavier Bettel), Claude Meisch (par M. Charles Goerens) et Carlo Wagner;

MM. Claude Adam, François Bausch, Félix Braz, Camille Gira, Jean Huss, Henri Kox (par M. Claude Adam) et Mme Viviane Loschetter;

MM. Gast Gibéryen, Jacques-Yves Henckes, Jean-Pierre Koepp (par M. Gast Gibéryen) et Robert Mehlen;

M. Aly Jaerling.

Gëtt d'Chamber d'Dispens vum zweete Vote constitutionnel?

(Assentiment)

Dann ass et esou decidéiert.

Dir Dammen an Dir Hären, mir sinn um Enn vun eisen Aarbechte vun haut ukomm. Déi nächst Sitzung ass muer de Mëtteg um hallwer dräi.

D'Sitzung ass opgehuewen.

(Fin de la séance publique à 18.30 heures)

Sommaire des séances publiques N°s 47, 48, 49 et 50

Communications	page 606
Ordre du jour	pages 606-607
Heure de questions au Gouvernement	

- Question N°271 du 1^{er} juillet 2008 de M. Marco Schank relative aux solutions envisagées par le Ministère afin d'augmenter la disponibilité des bénévoles des services de secours et d'assurer une certaine reconnaissance aux bénévoles pour leur dévouement et leur travail au sein des services de secours, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire page 607

- Question N°272 du 30 juin 2008 de M. Fernand Etgen relative à l'agrandissement de l'École nationale des Sapeurs-Pompiers à Feulen, adressée à M. le Ministre de l'Intérieur et de l'Aménagement du Territoire page 607

- Question N°273 du 30 juin 2008 de M. Roger Negri relative à l'(in)utilisation, par le Luxembourg, des crédits budgétaires mis à disposition par l'Union européenne au cours de l'exercice 2007, adressée à M. le Ministre du Trésor et du Budget

et

- Question N°274 du 30 juin 2008 de M. Jacques-Yves Henckes relative à la réaction du Gouvernement au sujet de l'utilisation des fonds européens, adressée à M. le Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration pages 607-608

- Question N°275 du 1^{er} juillet 2008 de Mme Anne Brasseur relative à la future affectation de l'actuel Palais de Justice, adressée à M. le Ministre des Travaux publics page 608

- Question N°276 du 1^{er} juillet 2008 de M. Gilles Roth relative à l'état d'avancement du projet de construction de la 2^e école européenne, adressée à M. le Ministre des Travaux publics pages 608-609

- Question N°277 du 1^{er} juillet 2008 de Mme Anne Brasseur relative à la politique en matière de consommation de cannabis, adressée à M. le Ministre de la Justice page 609

- Question N°278 du 1^{er} juillet 2008 de M. Charles Goerens relative à l'analyse du député européen Robert Goebbels au sujet du futur de l'Union européenne, adressée à M. le Ministre délégué aux Affaires étrangères et à l'Immigration page 609

Question avec débat N°36 de M. Roland Schreiner au sujet du plan d'action «Réforme administrative» pages 609-610

5738 - Projet de loi relatif à l'accessibilité des lieux ouverts au public aux personnes handicapées accompagnées de chiens d'assistance pages 610-613

5817 - Projet de loi portant approbation de la Décision des représentants des Gouvernements des États membres réunis au sein du Conseil concernant les privilèges et immunités accordés à l'Agence européenne de défense et à son personnel, signée à Bruxelles, le 10 novembre 2004 page 613

5811 - Projet de loi portant transposition de la directive 2005/60/CE du Parlement européen et du Conseil du 26 octobre 2005 relative à la prévention de l'utilisation du système financier aux fins du blanchiment de capitaux et du financement du terrorisme, portant transposition de la directive 2006/70/CE de la Commission du 1^{er} août 2006 portant mesures de mise en œuvre de la directive 2005/60/CE du Parlement européen et du Conseil pour ce qui concerne la définition des «personnes politiquement exposées» et les conditions techniques de l'application d'obligations simplifiées de vigilance à l'égard de la clientèle ainsi que de l'exemption au motif d'une activité financière exercée à titre occasionnel ou à une échelle très limitée et modifiant: 1. la loi modifiée du 12 novembre 2004 relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme; 2. la loi modifiée du 7 mars 1980 sur l'organisation judiciaire; 3. la loi modifiée du 5 avril 1993 relative au secteur financier; 4. la loi modifiée du 6 décembre 1991 sur le secteur des assurances; 5. la loi modifiée du 9 décembre 1976 relative à l'organisation du notariat; 6. la loi modifiée du 10 août 1991 sur la profession d'avocat; 7. la loi modifiée du 28 juin 1984 portant organisation de la profession de réviseurs d'entreprises; 8. la loi du 10 juin 1999 portant organisation de la profession d'expert comptable

et

5756 - Projet de loi relative à la lutte contre le blanchiment et contre le financement du terrorisme et modifiant: 1) l'article 506-1 du code pénal, 2) la loi du 14 juin 2001 portant 1. approbation de la Convention du Conseil de l'Europe relative au blanchiment, au dépiage, à la saisie et à la confiscation des produits du crime, faite à Strasbourg, le 8 novembre 1990; 2. modification de certaines dispositions du code pénal; 3. modification de la loi du 17 mars 1992 1. portant approbation de la Convention des Nations Unies contre le trafic illicite de stupéfiants et de substances psychotropes, faite à Vienne, le 20 décembre 1988; 2. modifiant et complétant la loi du 19 février 1973 concernant la vente de substances médicamenteuses et la lutte contre la toxicomanie; 3. modifiant et complétant certaines dispositions du code d'instruction criminelle pages 614-617

5331 - Proposition de loi sur les enquêtes parlementaires - Article 61 page 617

5890 - Débat d'orientation sur la réorganisation territoriale du Luxembourg pages 618-635

Communications	page 636
Octroi du titre honorifique à un ancien fonctionnaire du Greffe	page 636
Ordre du jour	pages 636-637

Heure d'actualité demandée par le groupe DÉI GRÉNG sur l'arrêt rendu par la Cour de Justice des Communautés européennes dans l'affaire 319-06 concernant la transposition de la directive détachement des travailleurs pages 637-640 page 646

5733 - Projet de loi relatif aux aides à la formation-recherche modifiant:

- la loi modifiée du 31 mai 1999 portant création d'un fonds national de la recherche dans le secteur public;

- la loi modifiée du 9 mars 1987 ayant pour objet:

1) l'organisation de la recherche et du développement technologique dans le secteur public;

2) le transfert de technologie et la coopération scientifique et technique entre les entreprises et le secteur public;

- le Code du Travail pages 640-646

Ordre du jour (suite) page 646

5845 - Projet de loi relatif à la construction de la liaison Micheville entre la route N 31 et le projet routier afférent sur territoire français pages 646-650

5852 - Projet de loi portant approbation du Protocole N°4, signé à Montréal, le 25 septembre 1975, portant modification de la Convention pour l'unification de certaines règles relatives au transport aérien international, signée à Varsovie, le 12 octobre 1929, amendée par le Protocole fait à La Haye, le 28 septembre 1955 page 650